N°6982
Entrée le 11.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro Nummer 4938 vu September 2021 hat ech d'Madamm Ministesch op verschidde potentiell Dysfonctionementer um 112 higewisen. Laut mengen Informatioune soll sech d'Situatioun um 112 net verbessert hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Agenten hunn säit Ufanks dës Joers den 112 verlooss?
2. Ginn et weider Agenten, déi hir Responsabel scho wësse gedoen hunn, dass si den 112 wëlle verloossen? Wa jo, wéi vill?
3. Gouf rezent eng Versammlung gehalen tëschent der DRH (Direction des Ressources Humaines) an der DCO (Direction de la Coordination Opérationnelle) vum CGDIS fir iwwert den akute Risiko vu Personalmangel ze diskutéieren? Wéi eng Léisungsvirschléi goufen do festgehalen oder proposéiert?
4. Wéi vill Persoune vum CGDIS hunn sech bei der leschter interner Ausschreiwung op ee Poste beim 112 gemellt? Wéi vill Poste waren ausgeschriwwen?
5. Wéi vill zousätzlech 'Chefs de salle' si säit menger leschter parlamentarescher Fro Pompier professionnel fonctionnaire ginn an hunn domat di néideg Formatiounen absolvéiert?
6. An der Äntwert op meng Fro vum September huet d'Ministesch confirméiert, dass ee Chef de salle net d'SAP an INCSA Formatiounen absolvéiert hätt (Äntwert op d'Fro 10). Ass geplangt, dass dës läscht Persoun dës Formatiounen nach mëscht?
7. Kann d'Madamm Ministesch mir d'Statistik Mount fir Mount säit Januar 2021 vum 'temps de décrochage' fir d'Uriff op den 112 matdeelen?
8. Sinn nach Ännerunge beim 112 geplangt, fir dee kruziale Service ze garantéiere mee awer och d'Aarbechtsklima an d'Karriärsperspektive fir déi verschidden Agenten ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten